# MOIEN

Eng Bréck fir eis Sprooch

a.s.b.l.

2005 • 2019 — INFOBLAT Nr. 22 — DEZEMBER 2019



# 15 Joer

## MOIEN ENG BRÉCK FIR EIS SPROOCH ASBL

Mir feieren e Samschdeg, den 23. Mee 2020 nomëttes.
Reservéiert Iech elo schonn dësen Datum.
Dir sidd häerzlechst invitéiert.
De Comité

# STATISTIKEN: SCHOULJOER 2018/2019:

## 56 COURSË VUM NIVEAU A1.1 BIS B2.2

- **2** Jores-Sessiounen
- Summer-Intensivcoursen
- **1** Conversatiounscours
- **4** Nationalitéitscoursen

## 974 SCHÜLER HUNN U 56 COURSEN DEELGEHOLL

**614** Fraen
**360** Männer
**17** Schüler an der Moyenne pro Cours
**83** Nationalitéiten
**758** Schüler (**490** Fraen an **268** Männer) hunn e CERTIFICAT vum Ministère kritt, si ware méi ewéi 70% present

ALTER VUN DE SCHÜLER

| Alter | Fraen | Männer |
|---|---|---|
| 18 Joer | 1 | 0 |
| 18 - 29 Joer | 79 | 35 |
| 30 - 49 Joer | 406 | 233 |
| 50+ Joer | 128 | 92 |

## 22 AKTIV FORMATEUREN 2018-2019

Anne, Annette, Aurélie, Catherine, Chantal L., Chantal P., Christiane, Claudine, Guy, Isabelle K., Isabelle S., Katia, Lydia, Manette, Marianne G., Marianne K., Marie-Josée, Michel, Nadine, Sandy, Sophie, Teodora.

## GESTIOUN

Denise Heiderscheid: Sekretariat a Coordinatioun
Monique Harslem: Sekretariat
Geneviève Barthel: Tresorerie
Manette Hein: Aschreiwungen GICEA
Anne Schwall: Aschreiwungen, GICEA

**2018/2019 war en erfollegräicht Joer**

# 23. FORMATEURSDAG
# E SAMSCHDEG, DEN 8. JUNI 2019


**mam Thema: Lëtzebuergesch léieren a bäibréngen - Interaktiv Methoden**

Um Internet hutt dir vill Méiglechkeete fir de Schüler Lëtzebuergesch bäizebréngen. Dës interaktiv Methode bidden de Formateuren wéi och de Schüler, zousätzlecht Material un. Jiddereen, Schüler, wéi Formateure kënnen esou op eng individuell Aart a Weis an no hirem Rhythmus schaffen.

## Programm:

**9.30-10.00 Auer:**
Accueil um Service de la Formation des Adultes, Lëtzebuerg-Kierchbierg

**10.00-11.00 Auer:**
Presentatioun vun der "Aurelux" App vum a mam Aurélie Wagener




Aurélux ass eng interaktiv, kompakt Sprochen-App, déi a 5 Sprochen iwwersat ass. Däitsch, Englesch, Franséisch, Italieenesch a Portugisesch.

Si ass fir Kanner an Erwuessener.

Dës App ass realiséiert gi vum Aurélie Wagener an dem Informatikstudent Julien Kessel. www.aurelux.lu

**11.00-12.00 Auer:**
Aleedung:
Vidéo vum Pisa-Wëssensmagazin




Eist Lëtzebuergescht mam Alain Atten a Presentatioun vun der "Schnëssen-App" ausgeschafft vum Professer Dokter Peter Gilles vun der Uni Lëtzebuerg. "Schnëssen" ass déi éischt App, fir d'Lëtzebuerger Sprooch vun haut an all hire Facettë mat Toun-Opnamen ze erhiewen an ze dokumentéieren.

Fuerscher op der Uni wëlle mat enger App erausfannen, wéi eis Sprooch sech verännert. Et hunn ca. 2.000 Leit matgemaach.

**14.00-15.00 Auer:**
Virstellung vun der Schnëssen-App

D'Sara Martin an d'Nathalie Entringer, Doktorandinne beim Här Gilles, gehéieren zu der Schnëssen-Ekipp.

Wéi funktionéiert se? Wat sinn d'Ziler? Wéi ginn d'Daten am Projet verschafft respektiv ausgewäert? Virun allem hu si eng Auswiel u Resultater gewisen, déi se bis elo schonn hunn an déi och ganz interessant fir d'Formateure sinn.


Si hunn iwwert d'Mëttegpaus och selwer vun der Geleeënheet profitéiert, fir hir Fuerschungsaarbecht am Gespréich mat de Formateure weiderzebréngen.

**15.00-16.00 Auer:**
Presentatioun vun den Online-Wierker vum a mam Jérôme Lulling

Mat enger musikalescher Aleedung vum Bach, vum Jérôme selwer gespillt, gi seng Wierker virgestallt.

Zënter 2016 gëtt et e Kräizwuerträtsel op Lëtzebuergesch - online an op Pabeier.

Zënter 2019: Sproochespill op rtl.lu









All Woch presentéiere mir Iech e frëscht Rätsel - donneschdes online op RTL.lu a samschdes op Pabeier am "Lëtzebuerger Journal".




Test Äert Wësse ronderëm eis Sprooch a Kultur an 10 Froen. Déi bescht Resultater stinn herno an der Hi-Score Lëscht.

# VISITE GUIDÉE FIR EIS MEMBEREN
# DEN 23. NOVEMBER 2019




De Superjhemp ënnert dem Röntgenbléck retracéiert d'Geschicht vun der bekanntester BD zu Lëtzebuerg.

Wéi ass et zu der Zesummenaarbecht tëschent dem Zeenarist Lucien Czuga an dem Zeechner Roger Leiner komm?

Wéi vill Lëtzebuerg stécht a Luxusbuerg? A wéi bréngt de Superjhemp et fäerdeg, mat Kachkéis d'Dynastie ze retten a Luxusbuerg zu engem vun de sécherste Länner vun der Welt ze maachen?

Besicht Luxusbuerg mat sengem pittoreske Patrimoine, sengen ominéise Banken a senge potzpuddelplakege Fraen.

**Poznennö!**

Fir déi alleréischte Kéier huet eng Allianz aus Comiczeechner, Frënn a Wëssenschaftler eng Expeditioun an de Superjhemp-Univers gewot an onverëffentlecht Dokumenter, nei Zeechnungen an onerwaarten Erkenntnisser mat zeréckbruecht.

Eng Erliefnisrees duerch dräi Joerzéngte fir déi agefleeschte Fans vun der éischter Stonn a fir déi, déi just de Retörn vum Superjhemp kennen.

Centre national de littérature
2, rue Emmanuel Servais
L-7565 Mersch




Vun 1987 bis 2014 huet de Roger Leiner zesumme mam Lucien Czuga de Superjhemp erausbruecht.

De Roger Leiner, gebuer den 2. Februar 1955 zu Wolz ass gestuerwen den 29. Dezember 2016 zu Ettelbréck, hie war e lëtzebuergesche Comicszeechner, Illustrateur a Karikaturist.



De Claude D. Conter, Direkter vum Mierscher Literaturarchiv, huet eis duerch d'Ausstellung geféiert.

Déi éischt Bande dessinéeën zu Lëtzebuerg sinn an den 1920er Joren an der Revue erauskomm.

1987 huet de Cactus "Dem Asterix säi Jong", vum Lex Roth an d'Lëtzebuergescht iwwersat, erausginn.

Dat war e groussen Erfolleg an en Impuls fir den Zeenarist Lucien Czuga an den Zeechner Roger Leiner fir 1988 hiren éischten Album "De Superjhemp géint de Bommeleeër" erauszebréngen.

Vun 1988 bis 2014 sinn 29 Superjhemp - Alben erauskomm.

De Superjhemp ass déi éischt lëtzebuergesch BD, déi als Buch erauskomm ass.

An de Superjhempe si ganz vill Parodien op aner Wierker.

D'Personnagen an de Superjhempen evoluéieren a passen sech dem Geescht vun der Zäit un. Sou zum Beispill d'Félicie, dat sech am Laf vun de Joren emanzipéiert.

Wierklech waarm Eise ginn an de Superjhempen net ugepaakt, fir keng potentiell Keefer op d'Zéiwen ze trëppelen.

De Roger Leiner ass den éischte Bdist deen dovu gelieft huet.

De Personnage vum Superjhemp kënnt a ganz ville Reklamme vir.

## CNL Centre national de littérature

Den Nationale Literaturzentrum, offiziell Centre national de littérature (CNL), ënnersteet dem Kulturministère an ass am Servais-Haus, dem Gebuertshaus vum Emmanuel Servais, zu Miersch installéiert. Seng Missioun ass: D'Literatur vu Lëtzebuerg ze konservéieren, z'erfuerschen an zougänglech ze maachen ë.a. och duerch Ausstellungen, Konferenzen, Atelieren, asw.

## Direkter vum CNL

De Claude D. Conter huet Germanistik a Kommunikatiounswëssenschafte studéiert an ass lëtzebuergesche Literaturwëssenschaftler. Hie war wëssenschaftleche Mataarbechter vun 2003 bis 2006, 2008 gouf hie Konservator vum CNL ernannt an 2012 als Direkter vum CNL nominéiert. De 6. Mee 2019 ass hie fir weider 7 Joer als Direkter erëmgewielt ginn.

**D'Membere vun der Moien ASBL haten déi grouss Chance fir vum Direkter Claude D. Conter an déi interessant Welt vun der Lëtzebuerger BD agefouert a begleet ze ginn.**
**E ganz grousse Merci.**

**RTL-Dictée**
**24.Editioun**
**de 17. November 2019**

**Lëtzebuergesch Dictée**
D'Moustiquë/Mustike waren de leschte Summer manner benzeg wéi dat Joer virdrun.

Wann een awer allergesch géint dat Gedéiesch ass, da sollt ee(n) sech preventiv/präventiv eng Piqûre/Pickür maache loossen.

Déi aarm/arem Kanner souzen an de kalen Afaarten op rëffege Plastikseemeren/plastiks Eemeren an hunn esou aremséileg/aarmséileg dragekuckt, datt et engem (d')Tréinen an d'Ae gedriwwen huet.


Passt op, datt d'Police iech/Iech net mat deene pyrotechneschen Artikelen erwëscht, soss kritt der/Der se confisquéiert, a wann der/Der Pech hutt, gitt der/Der och nach dowéinst protokolléiert.

Wann d'Camionschauffe(u)ren op hiren décken, fënnefhonnertzwanzeg-PS-staarke Badettie vijenzeggefuer sinn, dann hu(nn) se viru(n) sech gekuckt, a wa(nn) se hannerzeggefuer sinn, dann hu(nn) se de Kapp gedréi(n)t an hannert sech gekuckt.

Et geet hei jo virun allem drëm, esou mann (e)wéi méiglech Feeler ze schreiwen, dofir/duerfir ass et wichteg, datt een net vergësst, méiglechst vill beim Noper oder der Nopesch ofzeschreiwen, awer nëmmen, wann ee sécher ass, datt hien oder hatt oder si zimlech/zimmlech suedelfest an der lëtzebuergescher Orthographie/Orthografie ass.

**Jemp Schuster**

## Dictée op Lëtzebuergesch




*Lëtzebuergesch Dictée*

MOIEN
Eng Bréck fir eis Sprooch a.s.b.l.

Avec le soutien et la participation financière

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Service de la formation des adultes

## PROGRAMM: 2. SESSIOUN JANUAR - MEE 2020

| Code | Niveau CECR | 2019 | Horaire | Jour | Durée | Lieu |
|---|---|---|---|---|---|---|
| LA-LB-688-19-20 | A1.1 | 21.01 - 28.04 | 09:00 - 11:00 | ma/je | 46h | Cloche d'Or |
| LA-LB-479-19-20 | A1.1 | 21.01 - 28.04 | 18:30 - 20:30 | ma/je | 46h | Gasperich |
| LA-LB-456-19-20 | A1.2 | 21.01 - 28.04 | 09:00 - 11:00 | ma/je | 46h | Hellange |
| LA-LB-457-19-20 | A1.2 | 20.01 - 27.04 | 09:00 - 11:00 | lu/me | 46h | Dippach |
| LA-LB-458-19-20 | A1.2 | 20.01 - 27.04 | 18:30 - 20:30 | lu/me | 46h | Athénée |
| LA-LB-459-19-20 | A1.2 | 21.01 - 28.04 | 18:30 - 20:30 | ma/je | 46h | Athénée |
| LA-LB-461-19-20 | A2.1 | 21.01 - 28.04 | 09:00 - 11:00 | ma/je | 46h | Strassen |
| LA-LB-462-19-20 | A2.1 | 21.01 - 28.04 | 18:30 - 20:30 | ma/je | 46h | Athénée |
| LA-LB-689-19-20 | A2.1 | 20.01 - 27.04 | 18:30 - 20:30 | lu/me | 46h | Athénée |
| LA-LB-463-19-20 | A2.2 | 20.01 - 27.04 | 09:00 - 11:00 | lu/me | 46h | Strassen |
| LA-LB-464-19-20 | A2.2 | 21.01 - 28.04 | 18:30 - 20:30 | ma/je | 46h | ECG |
| LA-LB-465-19-20 | A2.2 | 20.01 - 27.04 | 18:30 - 20:30 | lu/me | 46h | Athénée |
| LA-LB-460-19-20 | A2.2 | 20.01 - 27.04 | 18:30 - 20:30 | lu/me | 46h | Mondercange |
| LA-LB-474-19-20 | B1.1 | 21.01 - 28.04 | 09:00 - 11:00 | ma/je | 46h | Dippach |
| LA-LB-475-19-20 | B1.1 | 20.01 - 27.04 | 18:30 - 20:30 | lu/me | 46h | ECG |
| LA-LB-476-19-20 | B1.2 | 21.01 - 28.04 | 09:00 - 11:00 | ma/je | 46h | Strassen |
| LA-LB-477-19-20 | B1.2 | 21.01 - 28.04 | 18:30 - 20:30 | ma/je | 46h | ECG |
| LA-LB-478-19-20 | B2.1 | 20.01 - 27.04 | 18:30 - 20:30 | lu/me | 46h | ECG |
| CONVERSATIOUNSCOURS | | | | | | |
| LA-LB-480-19-20 | B2 | 20.9.19 - 8.5.20 | 09:30 - 11:30 | vend. | 50h | Strassen |
| LA-LB-481-19-20 | B2 | 20.9.19 - 8.5.20 | 18:30 - 20:30 | vend. | 50h | Athénée |
| LA-LB-658-19-21 | B2 | 18.9.19 - 6.5.20 | 09:30 - 11:30 | vend. | 50h | Strassen |
| ORTHOGRAPHIESCOURS | | | | | | |
| 20 Stonnen am ECG, dësen Datum ass nach net festgeluecht | | | | | | |

Inscription et paiement sur le site : www.moienasbl.lu

# LËTZEBUERGESCHCOURSEN 2020

Avec le soutien et la participation financière

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Service de la formation des adultes

# COURS INTENSIFS D'ÉTÉ du 24 juin au 14 juillet 2020

**Session de 45 heures, 15 séances de 3 heures par jour du lundi au vendredi soit le matin de 9h00 à 12h00, soit le soir de 18h15 à 21h15**

*Tarif 135€ pour le cours intensif de 45 heures*
*Tarif réduit 10€ avec l'accord du Ministère*


| Code | Niveau CECR | Horaire | Lieu |
|---|---|---|---|
| LA-LB-488-19-20 | A1.1 | 09:00 - 12:00 | BERGEM |
| LA-LB-489-19-20 | A1.1 | 09:00 - 12:00 | CLOCHE D'OR POSTE |
| LA-LB-490-19-20 | A1.1 | 18:15 - 21:15 | ATHENEE |
| LA-LB-491-19-20 | A1.1 | 18:15 - 21.15 | ATHENEE |
| LA-LB-693-19-20 | A1.1 | 09:00 - 12:00 | DIPPACH |
| LA-LB-492-19-20 | A1.2 | 09:00 - 12:00 | ECG |
| LA-LB-493-19-20 | A1.2 | 18:15 - 21:15 | GASPERICH |
| LA-LB-494-19-20 | A2.1 | 09:00 - 12:00 | ECG |
| LA-LB-495-19-20 | A2.1 | 18:15 - 21:15 | ATHENEE |
| LA-LB-496-19-20 | A2.2 | 09:00 - 12:00 | HELLANGE |
| LA-LB-497-19-20 | A2.2 | 18:15 - 21:15 | ECG |
| LA-LB-498-19-20 | B1.1 | 09:00 - 12:00 | STRASSEN |
| LA-LB-499-19-20 | B1.1 | 18:15 - 21:15 | ECG |

# BICHER vun de MEMBERE vun der MOIEN ASBL




Jackie Weber-Messerich a Franck Colotte
Le Luxembourgeois à grande vitesse
Guide de conversation luxembourgeois
Les cahiers d'exercices Assimil (débutants)
Les cahiers d'exercices Assimil
(faux-débutants /intermédiaire)
QCM Assimil / 300 tests de luxembourgeois / Niveau A2

Nieft dem offizielle Reegelwierk gëtt et och ewell 2 Léierwierker fir déi aktualiséiert Schreifweis ze kafen:




"De roude Fuedem" vum Christiane Ehlinger





"Eis Sprooch richteg schreiwen" vum Josy Braun,
iwwerschafft vum Helmuth Sperl
Redaktioun: Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch (ZLS)
Copyright: Josée Klincker an ZLS, Stroossen 2019
Editeur: SCRIPT an ZLS
ISBN 978-99959-1-132-4
104 Säiten 15 Euro




D'Verbentabellen op Lëtzebuergesch vum Jérôme Lulling
Let's learn the most common Luxembourgish verbs easily & quickly!
650 common verbs & their conjugation
1300 example sentences illustrating verb use Complete grammar tables
Dëst Buch ass déi engleschsproocheg Iwwersetzung vum franséischsproochegen Original.
D'Buch gouf vum Dr Tom Weidig, Comitésmember vun der AL a vum Christine Dury op Englesch iwwersat.

# AUSZEECHNUNG MAT DER DICKS - RODANGE - LENTZ PLACK

**Den 9. November huet d'Actioun Lëtzebuergesch dem Jérôme Lulling d'Sëlwerplack iwwerreecht fir seng Verdéngschter an der Lëtzebuerger Sprooch.**




1984 Pierre Werner
1985 Tit Schroeder
1986 Chrétien Clement
1986 Lily Unden
1988 Pir Kremer
1988 Will Flener
1989 Henri Rinnen
1989 Will Reuland
1990 Norbert Weber
1991 René Kartheiser
1992 Néckel Kremer
1995 Ger Schlechter
1995 Pe'l Schlechter
1996 Pol Greisch
1997 Alain Atten
1998 Josy Braun
1999 Aloyse Raths
2002 Jeanine Theis-Kauth
2003 Lex Roth
2004 Fernand Lorang
2007 Emil Angel
2009 Carine Hensgen
2009 Claude Bache
2009 Fränz Biver-Pettinger
2009 Jeannot Gillen
2010 Pol Pütz
2018 Mil Goerens
**2019 Jérôme Lulling**



Jérôme Lulling
Linguist, Enseignant an Auteur
Myriam Welschbillig
Presidentin vum Conseil permanent de la langue luxembourgeoise
Denise Heiderscheid
Presidentin vun der Moien ASBL
Luc Marteling
Direkter vum Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch
Edson Souza Morais
President vu Wikipedia Lëtzebuerg
René Beideler
Wikipedia Lëtzebuerg

# LËTZEBUERGER ORTHOGRAFIE 2019

Déi aktualiséiert Orthografie trëtt de 15.11.2019 a Kraaft.
Déi al Schreifweis gëtt eréischt am September 2020 ofgeschaaft, esou datt et eng Iwwergangszäit gëtt an där béid Schreifweise kënne benotzt ginn.

## Firwat eng nei Schreifweis?

- 1975 gouf no enger Rei vun Uleef eng eenheetlech Orthografie duerch e ministeriellen Arrêté agefouert. (Wikipedia)
- 1999 goufen dës Reegele per groussherzoglecht Reglement liicht verännert. (Wikipedia)
- 2019 Completéiert Reegelwierk. Et ass keng "Neigestaltung" mä eng "Adaptatioun an Ergänzung". (Educatiounsminister Claude Meisch)
- Reegelwierker vun 1975 an 1999 haten den Nodeel, nach laang net sämtlech Froe beäntwert ze hunn, déi opdauche konnten, wann ee Lëtzebuergesch korrekt schreiwe wollt. Virun allem d'Froen, wéi d'Friemwierder ze behandele wieren a wéi ee sech beim Verlëtzebuergeschen unzeleeën hätt, goufen doran net eendeiteg gekläert. Et gouf och soss eng Rëtsch "wäiss Flecken" an déi soll dat neit Reegelwierk elo fëllen. (CPLL)
- All lieweg Sprooch ännert an evoluéiert am Laf vun der Zäit, dofir ass et selbstverständlech, datt d'Orthografie och muss adaptéiert ginn. (RTL Kultur News vum 31.10.2019)
- Eis Nationalsprooch ze completéieren an ze aktualiséieren léisst dem Lëtzebuergeschen d'Méiglechkeet sech ze entwéckelen. (Kultur News vum 31.10.2019)

## Publicatiounen:

## Buch vum Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch





Iwwerbléck
1. d'Vokaler a, i, o an u
2. de Vokal "e"
3. d'Diphtongen
4. d'Konsonanten
5. d'Verben
6. d'n-Reegel
7. d'Friemwierder
8. d'Grouss- a Klengschreiwung
9. Getrennt- an Zesummeschreiwung
10. d'Interpunktioun

## CPLL Iwwerbléck iwwer d'Ännerungen

https://www.cpll.lu/wp-content/uploads/2019/11/191115_Orthografie_Iwwersiicht_Aktualiséierungen.pdf

Wat gouf preziséiert, completéiert an ugepasst?
Al Schreifweis / Nei Schreifweis

## LOD (Lëtzebuerger Online Dictionnaire)




## Online Ortho-Trainer

Mam Ortho-Trainer kënnt Dir Är orthografesch Kenntnisser opfrëschen oder einfach en éischten Abléck an d'Lëtzebuerger Rechtschreiwung kréien. Hei fannt der déi wichtegst Reegele mat deene passenden Exercicer.
https://ortho.lod.lu

## Spellchecker

Spellchecker.lu appliziéiert vum 18 November 2019 un déi komplettéiert Reegele fir d'Orthografie. D'Wierderlëscht gouf a Kooperatioun mam ZLS aktualiséiert. En Update vun der Funktioun, fir d'n-Reegel ze verbesseren, ass nach an Aarbecht.
Weider Informatiounen: https://spellchecker.lu/

### Luxemburger Wort mam Marthy Gloesener

D'Basisreegele vun der Lëtzebuerger Orthografie - liicht doséiert mat Illustratioune vum Antoine Grimée.
https://www.wort.lu/de/kultur/letzebuergesch-richteg-schreiwen-5dd41726da2cc1784e35017a




9 Lektioune mat Videoen a Quizfroen um Site vum Luxemburger Wort
Flotten Dossier vum Luxemburger Wort an dem Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch op wort.lu: Déi aktualiséiert Basisreegele vun der offizieller Orthografie fir jiddereen, dee Lëtzebuergesch wëllt schreiwe léieren - kuerz a knapp erkläert, iwwersiichtlech opgebaut, mat ville Beispiller a flotten Illustratiounen.

### Kuriositéiten aus der Lëtzebuerger Sprooch
**Emissioun um Radio 100,7 mam ZLS**



Firwat hu mer zwee Pronome fir Fraen ("si" an "hatt")? Vu wou kënnt eigentlech den "s" bei "wéi s de bass"? A firwat schreift een "Hierscht" mat "r", wann een den "r" net héiert? Eis Mataarbechterin Caroline Döhmer aus dem Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch geet dëse Froen op de Fong. D'Linguistin erkläert an hirer Emissioun um Radio 100,7 d'Kuriositéiten aus der Lëtzebuerger Sprooch. Dir kënnt se live lauschteren, ëmmer donneschdes um 8:50 an um 12:20, oder noliese respektiv nolauschteren an der Mediathéik vum 100,7.

*Dir hutt eng Fro iwwer e Phenomeen aus der lëtzebuergescher Grammaire oder Orthografie, déi an der Emissioun soll beäntwert ginn? Da kontaktéiert den ZLS iwwer d'LOD-Hotline.*

# ZLS – CPLL – Kommissär fir d'Lëtzebuerger Sprooch

ZLS Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch

HOME IWWER EIS ORTHOGRAFIE NEWS ORTHO-FAQ LINKEN KONTAKT

## Luc Marteling neien Direkter vum Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch

21-06-2019 · A la une



De Luc Marteling gëtt den éischten Direkter vum **Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch**, dee mam Gesetz vum 27. Juni 2018 geschaf gouf. Hien ass de Moie vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, vereedegt ginn an iwwerhëlt seng nei Fonctioun den 1. Juli.

De Luc Marteling war an de leschte Jore vill am Beräich vun der Lëtzebuerger Sprooch engagéiert an huet als Internetjournalist zur **Stäerkung vum Lëtzebuergeschen** als geschriwwe Sprooch bäigedroen. Den 43 Joer ale Kommunikatiounswëssenschaftler huet nieft dem Zertifikat fir Lëtzebuerger Sprooch a Kultur och Coursen an der Luxemburgistik op der Uni Lëtzebuerg beluecht, huet Lëtzebuergeschcourse ginn an als Editeur an als Auteur och Literatur op Lëtzebuergesch an Iwwersetzunge vu Kannerbicher geschriwwen.

De Minister Claude Meisch huet dem Luc Marteling alles Guddes fir seng Fonctioun gewënscht a sot sech iwwerzeegt, dass den Zenter e **wichtege Pilier an der Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch** wäert ginn.

Den Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch këmmert sech ëm d'Norméierung vun der Lëtzebuerger Sprooch an d'Sproochesituatioun zu Lëtzebuerg grad wéi ëm d'Promotioun vum Lëtzbuergeschen hei am Land an doriwwer eraus. En dokumentéiert och d'Lëtzebuerger Sprooch, absënns hir Geschicht, hir Dialekter an de villsproochege Kontext. Donieft organiséiert den Zenter Ausstellungen a Konferenzen. D'Aktivitéiten an d'Equipe vum Lëtzebuerger online Dictionnaire (LOD) ginn an den Zenter integréiert an den LOD, grad wéi d'Servicer ronderëm, ginn an den nächste Jore stänneg ausgebaut an ugepasst.

**Auszuch aus dem Gesetz iwwer den Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch**

1° publie les règles relatives à l'orthographe et à la grammaire de la langue luxembourgeoise ,
2° élabore et met à jour des outils linguistiques ,
3° répond aux questions ayant trait à l'orthographe, la grammaire, la phonétique et le bon usage de la langue luxembourgeoise ,
4° procède, sur demande des ministres, à la traduction de documents officiels et de communications officielles destinés à être publiés.

Les règles visées à l'alinéa 3, point 1, sont soumises pour avis au Conseil permanent de la langue luxembourgeoise créé à l'article 11.
Le Centre peut être chargé par les ministres d'autres missions dans le domaine de la mise en œuvre de la politique de la langue luxembourgeoise.

**D'Ekipp vum LOD:**
Becker Armand, Bento Isabel, Doehmer Caroline, Ecker Alexandre, Fichtner Ralph, Gloesener Marthy, Haas Alexandre, Hess Sarah, Sperl Helmuth

D'ZLS-Ekipp schafft enk mam Kommissär fir d'Lëtzebuerger Sprooch a mam Conseil fir d'Lëtzebuerger Sprooch (CPLL), awer och mat e sëllegen anere staatlechen a privaten Acteuren aus dem Beräich vun der Sprooch zesummen – a freet sech op all weider Zesummenaarbecht!



Léift Myriam,

d'Membere vun der Moien - Eng Bréck fir eis Sprooch ASBL félicitéieren hirem treie Member - der Formatrice fir Orthografiescoursen - der Moderatorin vu Formateursdeeg - dem Member vun der Orthografies-Grupp - der Mathëllef fir de Verbesserungsservice - der Iwwersetzerin vu verschiddenen Texter. Mir gratuléieren dir fir deng Nominatioun als Presidentin vum CPLL. Mir wënschen dir an denger Ekipp eng gutt Zesummenaarbecht a vill Erfolleg mat dem neie Reegelwierk an dengem weideren Engagement fir deng laangjäreg Léift a Passioun fir d'Lëtzebuerger Sprooch.



LËTZEBUERGER SPROOCH

## Sprooch soll integréieren, net ausschléissen

06. Nov 2018 - 11:58

Deen neie Kommissär fir d'Lëtzebuerger Sprooch Marc Barthelemy plädéiert dofir, datt déi wichtegst Gesetzer op Lëtzebuergesch iwwersat ginn. Lëtzebuergesch soll och eng offiziell Sprooch vun der EU ginn.

# RETROSPEKTIV 2018-2019

Jorescours 1. Sessioun vu September bis Dezember 2018/2019

Conversatiounscoursen 2018/2019

Jorescours 2. Sessioun vu Januar bis Enn Abrëll 2019

Summer-Intensivcoursë vum 24. Juni bis den 12. Juli 2019

Generalversammlung, den 22. Mäerz 2019

7 Comitéssëtzungen: 08.02; 22.03; 26.04; 24.05; 21.06; 14.08; 11.10;

Formateursdag, den 8. Juni 2019 : Presentatioun vun Appen

Visite guidée vun der Ausstellung vum Superjhemp am CNL zu Miersch den 23. November 2019

# Hei ware mir present:

Festival des migrations, des cultures et de la citoyenneté, den 1., 2., 3. Mäerz 2019

Journée pédagogique vum Service de la Formation des adultes den 22. Mäerz 2019

« Foire interinstitutionnelle de la commission européenne pour les nouveaux venus » de 06. Juni 2019

RTL-Dictée op de Walfer Bicherdeeg de 17. November 2019

# MERCI

- Den 974 Apprenante vum Schouljoer 2018-2019
- Der «Formation des adultes» vum Ministère de l'Education nationale
- All deenen, déi der Moien ASBL Klassesäll zur Verfügung stellen
- Dem Här Michel Weimerskirch vun der Lightbulb Web Agency
- Der Autisme Luxembourg ASBL fir de Layout
- De Memberen, déi d'Moien ASBL ënnerstëtzen
- Den agreéierte Formateuren, déi eng gutt Aarbecht leeschten an derzou bäidroen, datt d'Moien ASBL mam Label de qualité vum SFA ausgezeechent ass
- Deene Leit, déi sech benevole ëm d'Aschreiwungen an der Gestion informatique vum Ministère bekëmmeren an deenen, déi benevole fir d'Tresorerie, de Sekretariat an d'Gestioun zoustänneg sinn
- A schlussendlech de Comitésmemberen, déi fir e gutt Fonctionnement vun der ASBL suergen

Denise Heiderscheid
*Presidentin vum Conseil d'administration*

# DE COMITÉ WËNSCHT IECH AN ÄRER FAMILL E FROUT AN ZEFRIDDENT JOER 2020

Léif Formateuren,

D'Formateursdeeg si samschdes de 7., 14. an 21. Mäerz, vun 9.00 bis 12.00 Auer zu Stroossen am ZLS.

Dee geneeën Oflaf an déi genee Adress kritt dir spéider.
Et geet natierlech ëm d'Reegelen awer ëm nach vill méi ...
Mir hunn nëmme 25 Plazen.
Sot esou séier wéi méiglech Bescheed, ob dir matmaache kënnt oder net.
**Dës Umeldung ass fir déi 3 Datumer geduecht.**

**Iwwerbléck**

Statistiken: Schouljoer 2018/2019

23. Formateursdag 2019

Visite guidée fir eis Memberen 2019

RTL-Dictée 2019

Zweet Sessioun Lëtzebuergeschcoursen 2020

Summer-Intensivcoursen 2020

Bicher vun de Membere vun der MOIEN ASBL

Auszeechnung mat der DICKS - RODANGE - LENTZ Plack

Lëtzebuerger Orthografie 2019

ZLS – CPLL – Kommissär fir d'Lëtzebuerger Sprooch

Retrospektiv 2018 - 2019

E grousse Merci all deenen, déi un dëser Publicatioun matgeschafft hunn!

Layout: Autisme Luxembourg ASBL | www.autisme.lu